

En Dicks-Lentz-Knuedlergespréich beim Rodange sengem Fiisschen

„Mer pléckten Aprikosen
un allen Hecke gier;
wie geet nun ower praffen
am Bambesch d'Schléwendier?“

Renert, X. Gesank, 269. Strof

Iwwer siwwenzeg Joer well kann een dëse Sproch liesen, wann een aus der Ënneschtgaass déi riets Trap rop op de Knuedler knécht. Déi véier Verse sinn dem Rodange sengem Renert op de Réck gemeesselt, an all Kéier, wann ech an der Trap sinn, muss ech dat Stéck Philosophie vum Grëmpert liesen, an da geet dee Sproch mer duerno eng Stonn laang net méi aus der Stip.

De Knuedler ass jo déi rengste Menagerie, wann een dat sou richtig bedenkt. Gläich lénks nieft dem Fiisschen stinn dem Trémont seng Léiwen, a riets, héich uewen, galoppéiert dem Zweete Wëllem säi Pærd a kënnt net vun der Plaz. Op Heentze Méchel sengem Bur souze bis viru kuerzem dräi bronzen Daiwercher, mä déi goufe mam Bur vun deene neie Knuedlerbiese wechgekiert. 't ass alles, datt Kaempff-Kohlesch hiert klengt Wëllschwäin sech wantesch iwwer nach virun d'Dier trauf.

Vun hinnen all huet eenzeg de Fiisschen eppes mat eiser hausmaacher Literatur ze doen, an 't ass op den éischte Bléck dach verwonnerlech, datt ausgerechent dee Waldbëlleger Nannetts Méchel hei zu Éiere koum. Oder wësst Der net, datt den Dicks um Knuedler gebuer gouf, uewe riets am Eck, wou se haut Gezei feel

hunn? An de Lentze Méchel am Haus direkt nieft der lénks Knuedlertrap, wou der d'Musek a Konserve kritt?

„Eng Sënn an eng Schan, m i r waren „Edach d'Knuedlerkanner!“, géif de Lentz haut vläicht den Dicks stoussen, wann se beim Rodange sengem lussegem Déierche stéingen. An 't kënnt een sech tèschent deenen zwéin e Gespréich wéi dat heiten ausmolen:

„Weess de“, géif de Lentze Méchel derbäi soen, „am Fong ass jo och d'Plèsedaarm den Nuebel vun der Stad an net de Knuedler. De Knuedler war ëmmer méi fir d'Proletarier. No eisem Doud sinn déi méi wéi eng Kéier hier jäische koum, 't ass engem fir Heemecht, Throun an Älter elle ginn.“

„Dat Wuert 'Proletarier' hues du zäitliwens ni an de Mond geholl, Méchel.“

„Haut wäert ech dat jo awer dierfen, wou deen doe Misch well an sengem 'Renert' vu 'Kommuniste' schwätzt.“

„Weess de“, géif den Dicks da vläicht „W nodenklech äntwerten, „am Fong war eist Monument op der Plèsedaarm jo nëmme fir mech eleng geduecht. Du kanns alt frou sinn, datt den Eyschen méi frou mat dir war wéi mat mir. E Monument fir mech eleng wollt d'Gym an huet d'Gym Sue gesammelt; an nach vill aner Leit hunn der gesammelt; souguer déi, déi ausgewandert waren, an déi s du jo net ausstoe konns. So dem Eyschen merci, datt s d'alt mat op mäi Stee koums!“

„Ech d'Amerikaner an d'Brasilianer net ausstoe kënnen? Dicks, wat sees du awer Saachen!“

„Ma sécher! Dir ass et vläicht ausdenke ginn, mä fir dech waren dat Verréider um Land. A wéi de Gonner déisäit dem Pull seng houfreg „Prairieblummen“ gepléckt huet, du hues du voller Roserei d'Fieder geholl an dän „Iwwer mir net ee Stierchen“ op de Pabeier gekraazt; so net 't wier net wouer!“

„t sief!“, géif de Méchel bäiginn, „e c h war jo och de Patriot, e c h hunn de Lëtzebuerger hir éischt an hir zweet Nationalhymn geschriwwen; do wous du héchstens eppes iwwert versoffe Kadetten a Pompercher ronn kruuts. Wann hei een an haut nach ëmmer den 'Nationaldichter' ass, da sinn ech et!“

„Pass op!“, géif den Dicks schmonzen, dat „Nationaalt“ ass haut eppes wéi eng éisleker Ham déi schmäckst; wie weess, wéi se dech haut géife vernennen, 'Blubo' wier nach dat mannst!“

„Hal op mat mir ze streiden“, héieren ech de Lentz grommelen, „du waars deemools genee sou houfreg op eis Onofhängegkeet wéi ech, mä du hues och deemools däi ganz Liewe mat mer gestriden a mer wéischt Bréiwer geschriwwen. An awer hunn ech dir d'Regie gemaach bei denge Gyms-Stécker.“

„Dofir hunn ech der jo och alt mol eng Weis op de Pabeier bruecht, Méchel.“

„Wie weess, wou s de déi ëmmer hier has, do gëtt jo och alt sou muenches gemauschelt. A maja, ech denke just drun, lo wou mer hei virun deem aneren sengem Fiisschen stinn. Has du deem säi „Renert“ deemools heemlech kaaft a stodéiert, ier s de deng „Wëllefchen- a Fiisschengeschicht“ verbrach hues; sou no der aler Manéier 'wat dee kann, kann ech scho laang!“

Edmond de la Fontaine („Dicks“)



Michel Lentz





1938

Batty Fischer

„Méchel, lo ginn ech béis“, kéim den Dicks an de Schweess, „du weess genee, datt ech déi Geschicht schonn op Tertia am Kolléisch schrouf; sou eppes hues du jiddefalls net opweises.“

„Wie weess?!“, schmotzlächelt de Méchel. „Well s de bei dengem 'Vulleparlament' mat zwéi Féiss an de Plättel gespronge waars, koumen deng aner Gedichter all réischt no dengem Doud eraus. Wéi wëlls de da beweisen, datt däi Wëllefchen an däi Fiisschen net bei deen doe Fiissche knäiße gongen?“

Den Dicks ass nodenklech ginn. „De Geck an den Eck, Méchel! A sief éierlech! Du has de 'Renert' net gelies an ech och net.“

Kee Mënsch huet e gelies, deemools. Deen hiergelafene Schoulmeescher a Piqueur mat senger Hicheckt Kanner, dat war dach keen! Mir waren eppes! Mir waren zu Liefzäite schonn eis eege Monumenter, mir hunn deen dach net gebraucht. Hien huet äis wuel ernimmt am 'Renert', mä mir hien ni!

„t war jo och e gelungene Chrëscht! Souguer d'„Wort“ huet e missen op d'Schëpp huelen.“

„En aarme, kranken Däiwel war et, Méchel; no äis zwéin op d'Welt komm a virun äis dervu gaangen. Ech si mol net béis gewiescht, wéi se him d'Festkantat fir d'Amaliendenkmal ze schreiwe goufen. Do huet en deemools säi leschte Polfer verschoss.“

„Awer eist Monument op der Plësedarm, dat stoung laang virun him sengem Fiisschen hei.“

Ech gesinn den Dicks de Lentz mam Aarm huelen, a mat him d'Trap rof an d'Enneschtgaass goen. No e puer Träppleke bleiwen se stoen a liesen déi véier Versen um Renert sengem Bockel.

„Eis hunn d'Leit Aprikosen zougehäit, Méchel; deem doe Méchel sinn nëmme Schléiwendär gewuess. t war an t ass eng elle Welt.“

„Mir ware mol net op sengem Begriefnes, Edmond de la Fontaine! Den Eyschen war do! Mir hunn souguer säin Doud doutgeschwigen.“

„An haut soen se, hie wier dee gréisste vun eis dräi gewiescht. Gleefs du dat, Méchel Lentz?“

„Vun eis dräi! Wéi dat kléngt! A wa mer et och n e t géinge gleewen, wat géif dat dann änneren!“

„Näischt, Méchel. D'Zäit béit muenches riicht, mä t konnt deem aarmen Däiwel deemools net vill déngen.“

Josy Braun